
September 2021
Kuckt net ewech
Eng nei Verfassung? Nëmmen duerch e Referendum!
adr
Alternativ Demokratesch Reformpartei

# INFO-TOUR

Dir wëllt méi gewuer ginn, hutt nach Froen oder wëllt mat eis diskutéieren? **Da kommt op den Info-Owend an Ärer Géigend!**

## Ufank ass ëmmer um 20 Auer

**Dënschdeg**
**5.10.**
**Bäerdref:** Centre Culturel „A Schmadds"
29, Rue d'Echternach • L-6550 Bäerdref

**Mëttwoch**
**6.10.**
**Housen:** „Centre Culturel"
9, op der Héi • L-9809 Housen

**Donneschdeg**
**7.10.**
**Bartreng:** „Arca"
17, Rue Atert • L-8051 Bartreng

**Freideg**
**8.10.**
**Beetebuerg:** „Beetebuerger Schlass"
13, rue du Château • L-3217 Beetebuerg

**Dënschdeg**
**19.10.**
**Réimech:** „Aal Schoul"
1, Rue Neuve • L-5560 Réimech

**Mëttwoch**
**20.10.**
**Käerjeng:** „Käerjenger Treff"
54c, Av. de Luxembourg • L-4950 Käerjeng

**Donneschdeg**
**21.10.**
**Préizerdaul:** Centre Culturel „Op der Fabrik"
3, Al Strooss • L-8611 Préizerdaul

**Freideg**
**22.10.**
**Walfer:** „Centre Prince Henri"
3, Rte de Diekirch • L-7220 Walfer

COVID check.lu

Weider **Informatiounen** um Tel.: 46 37 42 oder iwwer Mail op **info@adr.lu**

**IMPRESSUM**
**Editeur:** Alternativ Demokratesch Reformpartei (ADR)
Partei: 11, rue Biirkelt • L-6552 Bäerdref
Fraktioun: 25, rue Notre-Dame • L-2240 Lëtzebuerg
**Redaktioun:** Roland Houtsch, Fernand Kartheiser, Mandy Krier, Michel Lemaire, Jean Modert, Jean-Marc Schmidt
**Layout**: Peggy Conrardy
**Fotomontage Cover:** P. Conrardy/Shutterstock
**Drock:** regie.lu




## Inhaltsverzeechnes

Belunn a bedrunn ........ Säit 3
Wéi Gambia an CSV de Referendum verhënneren ........ Säit 4
Wiert Iech! ........ Säit 5
Eng politiséiert Verfassung ........ Säit 6
D'Auslännerwalrecht duerch d'Hannerdier ........ Säit 7
Wéi kann eis Verfassung geännert ginn? ........ Säit 8
Eng Reform géint d'Monarchie ........ Säit 9
E geplangten Ofbau vun eiser Souveränitéit ........ Säit 10
D'Famill gëtt geschwächt ........ Säit 11
Propaganda amplaz Informatioun ........ Säit 12

Dir kënnt och **all eis Themen op Lëtzebuergesch** iwwert eis **Audioversioun lauschteren**.
Scannt de QR-Code a wielt de gewënschten Text.

Sie lesen lieber die **deutsche Version**? Scannen Sie den QR-Code

Do you prefer to read the **English version**? Scan the QR Code

Você prefere ler a **versão em português**? Leia o código QR

Preferisci leggere la **versione italiana**? Scansiona il codice QR

Fannt all eis Sproocheversiounen op **www.adr.lu**



# Belunn a bedrunn

D'CSV, d'DP, d'LSAP an déi Gréng **hunn Iech, 2018** virun de leschte Chamberwalen, **an hire Walprogrammer de Referendum iwwert déi nei Verfassung versprach**. Dat ass schwaarz op wäiss nozeliesen:

CSV „Vor dem ersten verfassungsrechtlichen Votum wird der Verfassungstext in regionalen Diskussionsrunden mit den Bürgern erörtert und durchdiskutiert (...) Dieser Text wird danach den Bürgern in einer Volksbefragung (Referendum) vorgelegt und wird das zweite verfassungsrechtliche Votum ersetzen. Bei positivem Ausgang erhält das Land während der nächsten Legislaturperiode eine neue Verfassung."

DP „Die vier größten im Parlament vertretenen Parteien tragen diesen Text mit und haben sich für ein Referendum während der nächsten Legislaturperiode ausgesprochen. Da die Verfassung die eigentliche Rechtsgrundlage unseres Landes ist, muss im Vorfeld das Referendum mit weitgehendster und objektiver Information sowie mit weitmöglichster Bürgerbeteiligung begleitet werden."

LSAP „Anstelle einer zweiten Lesung soll der neue Verfassungstext allen stimmberechtigten Bürgern anschließend nach breiter öffentlicher Diskussion zur Abstimmung per Referendum vorgelegt werden, damit er spätestens Ende 2020 in Kraft treten kann."

déi gréng „Deshalb ist es wichtig, die Reform unserer Verfassung zügig abzuschließen und per Referendum den Bürgern und Bürgerinnen zur Abstimmung vorzulegen."

## Wéi versprach, esou gebrach!

Wann de Bierger elo gesot kritt, et géif sech nëmmen nach ëm eng „punktuell" an net méi ëm eng „global" Reform handelen, wéi deemools virgesinn, kann ee just nach soen: Méi onverfruer kann ee guer net léien! **D'Auteure vun där neier Verfassung soe selwer, et wier eng „substantiell" Reform.** Do nach wëllen en Ënnerscheed zu enger „globaler" Reform ze maachen, ass eng reng Wuertspillerei. Lëtzebuerg kritt eng bal komplett nei Verfassung. **Et komme vill Artikele bäi a grondleeënd Aspekter vun eisem Zesummeliewe gi geännert**, z. B. eist Verhältnes zu der Europäescher Unioun, d'Roll vum Groussherzog, d'Rechter vun der Famill, an nach méi.

## Wat do geschitt, ass ondemokratesch, ontransparent an onéierlech.

Den Nee zu engem Referendum soll et just méiglech maachen, datt déi véier Parteien hannert zouenen Dieren, eleng a laanscht d'Vollek, iwwert dee wichtegsten Text vun eisem Staat bestëmme kënnen. Wat do geschitt, ass ondemokratesch, ontransparent an onéierlech. Zënter dem Referendum vun 2015 fäerten déi véier Parteien de Verdikt vum Vollek. Si regéiere léiwer iwwer de Kapp vun de Leit ewech.

D'ADR ass domat net d'accord. Si hat den 19. Februar 2021 an der Chamber eng Resolutioun zur Ofstëmmung bruecht, déi de Referendum fuerdert. Den 20. Mee huet d'ADR der Chamber zousätzlech eng Resolutioun presentéiert, déi verlaangt, datt d'Bierger objektiv iwwert déi nei Verfassung informéiert musse ginn. Béid Resolutioune goufe vu Gambia an der CSV verworf.

**Elo héiert ee vun deene véier Parteien**, besonnesch och vum President vun der Verfassungskommissioun an der Chamber, **d'Leit kéinte selwer e Referendum ufroen**. Dofir bräichte si 25 000 Ënnerschrëften. Dat ass awer net dat, wat déi véier Parteie versprach haten! Si wëllen déi Prozedur jo och nach doduerch extrem schwéier maachen, datt si déi nei Verfassung a véier Kapitelen opgespléckt hunn. Domat wëlle si d'Leit zwéngen, wa si da gär e Referendum hätten, gläich véiermol déi Prozedur vun deene 25 000 Ënnerschrëften ze duerchlafen. Eng Gemengheet! Gambia an d'CSV kéinte jo och einfach een eenzege Referendum iwwert déi véier Deeler ofhalen!

**Och d'ADR huet am Walprogramm vun de leschte Chamberwalen de Referendum versprach. Fir d'ADR gëllt: Dee versprachene Referendum muss kommen!**

Foto: Shutterstock

# Wéi Gambia an CSV de Referendum verhënneren

Fir d'éischt argumentéieren CSV a Gambia, datt et sech just ëm eng Mini-Reform géif handelen. Et handelt sech allerdéngs ëm eng Reform vun der Verfassung, wéi d'Land se nach ni gesinn huet. **D'Co-Rapportrice Simone Beissel vun der DP schwätzt selwer vun enger „révision substantielle et fondamentale".**

Gambia an CSV wëllen de Referendum onbedéngt verhënneren, dofir

- refuséiere si, de versprachene Referendum selwer anzeleeden.

Fir datt d'Vollek den neie Verfassungstext iwwerhaapt virgeluecht kritt a mat driwwer bestëmme kann

- fuerdere si d'Eegeninitiativ vun de Leit a 25 000 Ënnerschrëfte pro Kapitel;
- refuséiere si, dës Ënnerschrëften och online oder iwwert e Formular ze sammelen;
- musse véiermol 25 000 Leit, zu véier verschiddenen Zäitpunkten op d'Gemeng ënnerschreiwe goen.

Virun de Walen hunn CSV a Gambia de Referendum versprach, fir elo no de Walen awer kee Referendum wëllen ze maachen. CSV a Gambia soen haut, d'Leit kéinte jo selwer e Referendum erzwéngen, andeem si genuch Ënnerschrëfte géinge sammelen. **Si iwwerloossen hei näischt dem Zoufall a versichen, de Leit dëst esou schwéier wéi méiglech ze maachen. Si refuséieren, d'Referendumsgesetz esou ofzeänneren, datt een de Referendum och kann online froen oder iwwert e Formular.** Dat, obwuel een elo scho bei der Chamber déi Méiglechkeeten huet, wou d'Leit online kënne Petitiounen ënnerstëtzen, fir déi 4500 Ënnerschrëfte gebraucht ginn. **Fir de Referendum ze froen, si 25000 Ënnerschrëften néideg, woufir d'Leit dann nach ëmmer musse perséinlech op hir Gemeng ënnerschreiwe goen.**

Heimat net genuch: Normalerweis besteet eng Verfassung aus just engem Text, iwwert deen dann ofgestëmmt gëtt. **No de Walen hu Gambia an CSV awer decidéiert, d'Verfassung a véier Deeler opzesplécken,** fir et de Leit zousätzlech schwéier ze maachen. **Elo misste sech also net manner wéi véiermol 25000 Leit, zu véier verschiddenen Zäitpunkten, op d'Gemeng deplacéieren, fir sech do op de Referendumslëschten anzedroen** – eng reng Schikan! Dës Manéier weist och, wat hinnen déi Leit wäert sinn, déi net mobil sinn, déi am Ausland liewen, wéi z. B. d'Studenten, oder déi Leit, déi, aus beruffleche Grënn, net zu deenen normale Büroszäite kënne perséinlech op d'Gemeng goen, fir sech anzeschreiwen.

De President vun der Verfassungskommissioun seet dann awer ganz nonchalant, d'Leit hätte jo d'Méiglechkeet, e Referendum unzefroen, **wuelwëssend, datt et de Leit mat all deene Schikane quasi onméiglech gemaach gëtt**.

„Je lui souhaite bonne chance!" Dat ass den ironesche Kommentar, deen d'Co-Rapportrice vun der DP deemjéinege mat op de Wee gëtt, dee sech tatsächlech traue sollt, de Referendum unzefroen – well si genee weess, datt dëst jo duerch all déi Schikane quasi onméiglech ass.

**Et ass en Hon, datt an enger Demokratie esou de Geck mam Bierger gemaach gëtt.** Loossen d'Lëtzebuerger sech dat gefalen?




Fotomontage: P. Conrardy/Shutterstock

# Wiert lech!

Eist Land steet virun enger historescher Entscheedung. Véier Parteien, d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi Gréng, si sech iwwert eng bal komplett Reform vun eiser Verfassung eens. Dobäi ass meeschtens hannert zouenen Diere verhandelt ginn, a vill, och direkt concernéiert Instanze si mol net consultéiert ginn. **Haut weess nach ëmmer kaum een am Land, wat iwwerhaapt an déi nei Verfassung soll kommen.**

Sécher ass awer, datt dës nei Verfassung a véier Kapitelen opgespléckt gëtt, iwwert déi dann och nach soll op véier verschiddenen Deeg ofgestëmmt ginn. Wann et deene véier Parteien no geet, sollen déi véier nei Verfassungstexter dann och esou séier wéi méiglech an der Chamber mat enger Zweedrëttel-Majoritéit ugeholl ginn.

> Geplangt ass eng deelweis Neiforméierung vun der Lëtzebuerger Gesellschaft.

Am Géigesaz zu deem, wat si versprach haten, wëlle si de Leit elo awer net déi nei Verfassungstexter virleeën, an d'Vollek duerch e Referendum doriwwer entscheede loossen. Amplaz hiert Versprieche vum Referendum ze respektéieren, gi si elo och nach arrogant a verlaangen, datt, wann d'Leit gär e Referendum hätten, si gefällegst selwer déi Prozedur solle lancéieren a 25 000 Ënnerschrëften dofir sammelen. **D'ADR** besteet awer selbstverständlech op dee versprachene Referendum! Si **ass iwwerzeegt, datt d'Legitimitéit vun enger Verfassung dovun ofhänkt, ob si op engem breeden an duerch e Referendum dokumentéierte Wëlle vun der Natioun berout, an net nëmmen op engem Konsens tëscht e puer politesche Parteien**. Fir d'ADR ass den eigentlechen „Constituant" d'Natioun, an net d'Parlament.

Déi geplangte Verfassungsännerung geet vill méi wäit ewéi eng einfach „Upassung u gesellschaftlech Entwécklungen" oder eng „Moderniséierung" vun där aktueller Verfassung. Geplangt ass eng deelweis Neiforméierung vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, an dëst mat Konzepter an Iddien, déi a bal kengem auslännesche Verfassungstext esou ze fanne sinn. Och d'Auslännerwalrecht daucht nees op. Fir déi nei Verfassung goufe sougenannt „progressiv" Iddien aus enger Rei vun Dokumenter zesummegewierfelt, deenen dann dacks déi intern Koherenz feelt.

**D'ADR ass wuelverstanen net géint punktuell Verfassungännerungen. Si huet selwer Propositiounen an deem Sënn gemaach**, z. B. fir d'Lëtzebuerger Sprooch opzewäerten, de Statutt vun den Déieren ze reforméieren oder fir Decisioune vun der Regierung a Krisenzäite kënnen duerch d'Verfassungsgeriicht iwwerpréiwen ze loossen. Si huet och Ännerunge bei der Prozedur fir d'Schafe vun enger Untersuchungskommissioun an der Chamber gefrot. Si begréisst dowéinst déi Reformen, déi hire Fuerderungen entspriechen. D'ADR begréisst doriwwer eraus och aner Neierungen, wéi z. B. d'Stäerke vun de Rechter vun der Chamber.

**Déi elo proposéiert Verfassungsännerunge weisen awer, nieft verschiddene punktuelle Verbesserungen, och eng ganz Rei vu grondleeënden a wichtege Problemer a Schwächten.** Déi nei Verfassung ass och eng Reform vun de verpasste Chancen. D'ADR bedauert, datt dës Reform op eng ganz Rei Méiglechkeete verzicht, déi wierklech institutionell Verbesserunge bruecht hätten. Dozou gehéieren eng Reform vum Walsystem, d'Méiglechkeet fir d'Leit, sech kënnen op direktem Wee un d'Verfassungsgeriicht ze adresséieren, eng konsequent administrativ a funktionell Trennung vum Parquet (Staatsanwaltschaft) vun alle riichterleche Funktiounen (Magistratur), méi direkt Demokratie iwwer Referenden an nach villes méi.

**D'ADR verlaangt dowéinst eng breet a kontrovers gefouert Debatt iwwert déi geplangte Reformen an e Referendum iwwert déi nei Verfassung.** Et däerf net sinn, datt déi véier Parteien eist wichtegst Gesetz hannert dem Réck vun de Leit, an dann och nach géint hiert eegent Walversprieche, ouni Referendum änneren!

## GITT MEMBER

Numm: ............ Virnumm: ............

Strooss, Nr.: ............ L- ............ Uertschaft: ............

Gebuertsdatum: ............ E-Mail-Adress: ............

GSM: ............

**Joresbäitrag:**

14 € eng Persoun ☐ 20 € e Stot ☐ 5 € e Student ☐

**Einfach ausfëllen an aschécken**

**Alternativ Demokratesch Reformpartei**

**11, rue Biirkelt • L-6552 Bäerdref**

Oder scannt de QR-Code, dréckt de Formulaire eraus a mailt en op info@adr.lu

# Eng politiséiert Verfassung

Eng Verfassung ass do, fir engem Land eng laangfristeg Uerdnung a Stabilitéit ze ginn.

Déi nei Verfassung gesäit vir, net nëmmen d'Rechter vun de Leit an d'Institutioune vum Land ze veränneren, mee och der Politik laangfristeg eng bestëmmte Richtung virzeschreiwen, dëst iwwert de Wee vun „politesche Staatsziler mat Verfassungsrang". Fir d'ADR ass dat awer net de Sënn vun enger Verfassung, well dee besteet doran, e Staat rechtlech ze constituéieren, d'Reegele vu sengem Fonctionnement festzeleeën, d'Demokratie, de Rechtsstaat an d'Trennung vun de Gewalten ze garantéieren, an de Bierger hir Grondrechter ze definéieren an ofzesécheren. Eng Verfassung ass also do, fir engem Land eng laangfristeg Uerdnung a Stabilitéit ze ginn, an net, fir kuerzfristegen, politeschen Iwwerleeungen oder Interessie vu verschiddene Parteie Rechnung ze droen.

D'Aféierung vu politeschen Ziler an déi nei Verfassung ass en Agrëff an de fräien demokratesche Meenungsbildungsprozess. Doduerch gëtt de Parteien hir Handlungsfräiheet nämlech laangfristeg ageschränkt. Wat geschitt, wann eng Partei, déi net déi politesch Staatsziler an der Verfassung gutt-heescht, demokratesch Wale gewënnt? Misst déi neigewielte Regierung dann eng Politik géint hir eegen Iwwerzeegungen a géint de Wëlle vun de Wieler maachen, well d'Verfassung bestëmmten Ziler diktéiert? **Gambia an d'CSV probéieren hei hir Politik laangfristeg festzeschreiwen an domat d'Méiglechkeet vun engem demokratesche Wandel anzeschränken.**

D'Aféierung vu politeschen Ziler an d'Verfassung heescht och, datt all Beamten, wann e säin Eed ofleet, automatesch verflicht ass, och déi politesch Staatsziler aus der neier Verfassung ze respektéieren. **Dëst ass awer net nëmmen en Agrëff an d'Neutralitéit vum ëffentlechen Déngscht, mee et kann och géint d'Gewëssensfräiheet vun de Beamten a géint hir perséinlech, politesch Fräiheete verstoussen.**

**Ganz besonnesch bedenklech ass, wéi déi „Staatsziler" begrënnt ginn.** Fir si ze erreechen, kënnen nämlech aner Verfassungsprinzippien ageschränkt ginn: „Les conséquences liées à ces objectifs s'expliquent par leur utilisation par le législateur pour justifier des dérogations non excessives à des principes constitutionnels. Les objectifs à valeur constitutionnelle peuvent donc étendre les pouvoirs du législateur en limitant l'application de certains principes constitutionnels."

**Domat kënnen also am Numm vun den neie Staatsziler, z. B. dem Kampf géint de Klimawandel oder dem Recht op eng passend Wunneng, déi konstitutionell Rechter vun de Leit ageschränkt ginn.** Wéi dobäi d'Formel „non excessif" soll interpretéiert ginn, ass ongewëss. Kënne Leit z. B. enteegent gi mam Argument, dee Wunnraum misst anescht genotzt ginn? Ass et „excessif", engem een „logement sous-occupé" ewechzehuelen? (Verschidde Parteie wëllen dës Notioun aféieren, fir z. B. de Wunnraum op eng bestëmmten Zuel Quadratmeter pro Persoun ze limitéieren.) Den Text vun der neier Verfassung seet just: „Cet objectif impose au législateur de prendre les initiatives nécessaires pour permettre à toute personne de disposer d'un logement décent."

Och beim Kampf géint de Klimawandel kann een an Zukunft all Zwangsmoossnamen, mat Hiweis op dat neit politescht Staatszil „Klimaneutralitéit", rechtfäerdegen an duerchsetzen. Gëtt et vläicht an Zukunft Aschränkunge bei Haus- an Notzdéieren, well déi ze vill Kuelendioxid a Methan géife produzéieren? Wéi eng aner Limitatiounen, z. B. am Beräich vun der Beweegungsfräiheet, kéinten eis nach imposéiert ginn? Däerfe mir an Zukunft nach an aner Länner fléien oder fueren, sief dat, fir Vakanz ze maachen, oder aus anere Grënn?

**Fir d'ADR ass kloer: Politesch Ziler gehéieren net an d'Verfassung!**



*D'Gëlle Fra –*
*E Symbol fir eis Souveränitéit.*
Foto: Shutterstock

ADR-AlternativDemokrateschReformpartei info@adr.lu www.adr.lu

# D'Auslännerwalrecht duerch d'Hannerdier

Beim Referendum vun **2015 hunn d'Lëtzebuerger sech mat ronn 80 Prozent kloer géint d'Auslännerwalrecht ausgeschwat**. D'Aféiere vum Auslännerwalrecht géing nämlech bedeiten, datt et kee Parlament vun enger Lëtzebuerger Natioun méi gëtt. Et bleift dann nëmmen nach e Parlament fir eng Multikulti-Gesellschaft ouni national Identitéit, an där dat spezifescht Lëtzebuergescht dann och keng Roll méi spillt. **Haut ass d'ADR nach déi eenzeg Partei, déi d'Resultat vum Referendum an domat d'Lëtzebuerger Natioun respektéiert.**

Ëmmer nees hunn déi aner Parteie versicht, d'Resultat vun 2015 ze ëmgoen. D'CSV huet sech besonnesch fir d'Erofsetze vum Niveau beim Sproochentest fir d'Nationalitéit engagéiert. D'DP ass esouguer higaangen an huet bei der Asti, am Kader vun den Europawalen, d'„Citoyens intéressés" opgefuerdert, géint d'Resultat vum Referendum opzetrieden.

Mat der Verfassungsreform gi si sech elo d'Méiglechkeet, fir d'Auslännerwalrecht géint de Lëtzebuerger hire Wëllen anzeféieren. Am geplangten Text gouf den neien Artikel 9bis agefouert, deen d'Auslännerwalrecht erméiglecht:

> „[...] (2) Sans préjudice de l'article 52, la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois."

De Paragraph (2) seet also kloer, datt d'Ausübe vu politesche Rechter iwwert d'Gesetz ka fir Auslänner erméiglecht ginn. Am Kommentar zu dësem Artikel steet dann:

> „Afin de lever toute insécurité juridique, il est précisé au paragraphe 2, que le principe selon lequel le droit de vote peut être étendu par la loi aux non-Luxembourgeois ne s'applique pas aux élections législatives."

Hei gëtt also behaapt, datt den Artikel 9bis net soll op d'Chamberwale kënnen ugewannt ginn. Dës Prezisioun steet awer net am rechtlech verbindleche Verfassungstext, mee nëmmen am Kommentar. Dat ass e wichtegen Ënnerscheed, well deen net verbindleche Kommentar nëmmen als Interpretatiounsquell gëllt. Firwat schreiwen d'Gambia-Parteien an d'CSV net einfach an de Verfassungstext selwer, datt nëmmen d'Lëtzebuerger bei de Chamberwale walberechtegt sinn? D'ADR verlaangt, datt de Verfassungstext selwer de Referendum vun 2015 respektéiert. De Saz kéint dann heeschen:

> „Sans préjudice de l'article 52, et à l'exception des élections législatives, la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois."

Mat guddem Grond huet keen europäescht Land d'Nationalwale fir Auslänner opgemaach. Fir politesch Entscheedungen zum Wuel vu Land a Gesellschaft kënnen ze huelen, muss ee sech deem Land an där Gesellschaft och zougehéiereg fillen. Domat spillt d'Integratioun eng ganz wichteg Roll. Si ass eng Viraussetzung fir politesch Rechter. **Zu Lëtzebuerg, wou d'Auslänner haut scho ronn 50 Prozent vun der Populatioun duerstellen, géing esou e politesche Multikulturalitéitsmodell eis national Souveränitéit ënnergruewen, Integratioun verhënneren an domat Solidaritéit a Loyalitéit schwächen.** Et kéim zu fundamentalen an irreversibele Verännerunge vu Land a Gesellschaft. Scho wann d'Unzuel vun den auslännesche Matbierger nëmmen nach liicht géing wuessen, wären d'Lëtzebuerger Wieler schonn an der Minoritéit. Och eis Nationalitéit gëtt weider ausgehielegt: Et gi staark Bestriewungen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit komplett onofhängeg vun der Lëtzebuerger Sprooch ze maachen.

> Et kéim zu fundamentalen an irreversibele Verännerunge vu Land a Gesellschaft.


An den europäeschen Traitéë gëtt iwwerdeems festgehalen, datt Funktioune beim Staat, déi un d'Souveränitéit gebonne sinn, fir déi national Bierger reservéiert bleiwen. **D'Auslännerwalrecht géing awer automatesch dozou féieren, datt och all Posten an der Fonction publique fir jiddereen misst op sinn.**

**Fir d'ADR gëllt de Prinzip, datt dat nationaalt Walrecht muss un d'Lëtzebuerger Nationalitéit gebonne bleiwen**, esou wéi et och bis elo ëmmer war: „la puissance souveraine réside dans la Nation".




*Beim Referendum vum 7. Juni 2015 huet Lëtzebuerg an dräi Punkten iwwert eng Ännerung vun der Verfassung ofgestëmmt. D'Aféierung vum Auslännerwalrecht gouf dobäi mat grousser Majoritéit ofgeleent.*
Foto: ADR-Archiv

# Wéi kann eis Verfassung geännert ginn?


Illustratioun: Shutterstock

Den Artikel 114 vun der aktueller Verfassung seet, datt et zwee Votten an der Chamber brauch, woubäi den zweete Vott duerch e Referendum ersat ka ginn. Esou e Referendum kann duerch 16 Deputéierten oder 25 000 Wieler gefrot ginn:

„Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois. Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis. Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d'un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n'est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d'organisation du référendum."

## Prozedur, fir e Referendum unzefroen

Am Referendumsgesetz vum 4. Februar 2005 gëtt d'Prozedur an den Artikele 4-19 folgendermoosse bestëmmt:

**Fënnef walberechtegt Lëtzebuerger musse spéitstens 14 Deeg nom éischte Vott eng schrëftlech Demande un de Staatsminister stellen.** De Staatsminister huet dann dräi Deeg Zäit, fir iwwert déi formell Gültegkeet vun der Demande ze decidéieren. Duerno musse 25 000 walberechtegt Lëtzebuerger dës Demande fir e Referendum ënnerstëtzen. D'Ënnerschrëfte ginn op de Gemengen enregistréiert, den Delai gëtt duerch de Staatsminister matgedeelt. **Wa 25 000 Leit de Referendum verlaangen, muss e gemaach ginn an ass decisiv an ersetzt den zweete Vott an der Chamber.**

**Awer:** Jeeweils dräi Méint virun an no den National- an Europawalen dierf kee Referendum stattfannen. Ass dat awer de Fall, gëtt den Delai op sechs Méint verlängert.

Loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national, Art. 20:

„Si la demande d'organiser un référendum a été faite par plus d'un quart des membres de la Chambre des députés ou, dans les conditions prévues au chapitre 2 de la présente loi, par vingt-cinq mille électeurs, le Gouvernement doit organiser un référendum endéans un délai de six mois. En cas d'élections législatives ou européennes dans ce délai, celui-ci est prorogé de six mois."

D'ADR hat den 19. Februar 2021 eng Gesetzespropositioun gemaach, fir **datt déi 25 000 Leit net méi missten op d'Gemeng goen, fir e Referendum ze froen, mee datt si dat och kéinten elektronesch maachen**, sou wéi dat haut scho bei de Petitioune vun der Chamber méiglech ass. D'**Regierung huet awer direkt bekannt ginn, datt si domat net d'accord wier.** Si wëll kee Referendum a wëll d'Referendumsprozedur dowéinst fir d'Leit esou onkamoud ewéi méiglech maachen.

## D'CSV eleng kéint schonn de Referendum erzwéngen!

Géif all Partei hiert Walverspriechen halen, wier et kee Problem, fir um Niveau vun der Chamber e Referendum ze decidéieren. Laut Verfassung gi 16 Deputéierten („plus d'un quart des membres de la Chambre") fir dës Fuerderung duer.

D'CSV mat hiren 21 Deputéierte kéint schonn eleng hiert Walverspriechen duerchsetzen an de Referendum erzwéngen.

Och aner Parteie kéinte sech zesummendoen, fir op déi néideg Unzuel vu 16 Deputéierten ze kommen. D'ADR wier selbstverständlech bereet, hei all Initiativ ze ënnerstëtzen. Sou huet d'DP zum Beispill 12 Mandater an der Chamber. Zesumme mat de Stëmme vun der ADR kéint also och si hiert Walverspriechen anhalen!

### Eis Verfassung am internationale Vergläich

Déi Lëtzebuerger Verfassung, déi op 1848 zréckgeet, ass déi fënnefteelst kodifizéiert Verfassung op der Welt – no de Vereenegte Staate vun Amerika (1776), dem Kinnekräich Norwegen (1810), dem Kinnekräich Holland (1815) an dem Belsche Kinnekräich (1831) – an domat déi véierteelst kodifizéiert europäesch Verfassung. Et gëtt doniewent nach véier Länner, déi eng nach méi al, awer net formell kodifizéiert Verfassung hunn. Selbstverständlech ass et am Laf vun der Zäit an deene Verfassungen ëmmer nees zu punktuellen Ännerunge komm. Global Reforme si vill méi rar.

ADR-AlternativDemokrateschReformpartei info@adr.lu www.adr.lu




# Eng Reform géint d'Monarchie

Fir eist Land ass déi konstitutionell Monarchie eng bewäerten a gutt Staatsform, déi och vun enger grousser Majoritéit vun de Leit akzeptéiert gëtt. **Traditionell ass d'Perceptioun vum Groussherzog dobäi déi, datt hien als neutrale Representant vum Land iwwert der Politik an domat och iwwert deenen eenzele politesche Pouvoire steet.**

Déi nei Verfassung bréngt awer – och doduerch, datt si sech bewosst vill um franséischen, republikanesche Modell orientéiert – eng Rei vun Elementer, déi eis Lëtzebuerger Traditioun mat der Monarchie a ville Punkten änneren. Esou verschwënnt zum Beispill an der Eedesformel déi Referenz op de Groussherzog, un déi mir esou laang gewinnt waren: „Je jure fidélité au Grand-Duc." Och d'Urteeler an der Justiz sollen net méi am Numm vum Groussherzog geschwat, mee nëmmen nach a sengem Numm exekutéiert ginn. D'Iddi ass, datt hien an Zukunft soll virun allem als Deel vun der Exekutiv gesi ginn.

Dem Groussherzog seng Handlungsfräiheet géintiwwer der Regierung gëtt an där neier Verfassung systematesch ageschränkt. Et soll eng Prozedur ageféiert ginn, mat där hien, op Initiativ vun der Regierung, kann ofgesat ginn, wat et him als Staatschef ganz schwéier mécht, eng onofhängeg Meenungsbildung ze hunn an iwwerparteilech am Intressi vum Land an am Respekt vu sengem Gewësse kënnen ze handelen.

De virgeschloenen Text seet: „Si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles, la Chambre des Députés, à la demande du Gouvernement, le Conseil d'Etat entendu en son avis, décide à la majorité qualifiée qu'il y a lieu de considérer que le Grand-Duc a abdiqué." Wéi dat dann an der Praxis ze interpretéiere wär, ass onkloer. **De Risiko besteet, datt d'Regierung e Groussherzog, deen hir (z.B. aus politesche Grënn) „net passt", kann ofsetze loossen.** D'ADR hätt sech hei vill méi prezis Reegele gewënscht, ewéi z.B., datt onléisbar Ëmstänn misste virleien (z.B. gesondheetlech Incapacitéit), déi et dem Groussherzog onméiglech maachen, d'Land ze regéieren.

**Weider verléiert de Groussherzog d'Recht, fir, op seng Initiativ, d'Chamber opzeléisen an domat bannent dräi Méint Neiwalen erbäizeféieren.** Dëst Recht ass eng Reegel, déi et dem Staatschef erlaabt, an enger politesch komplizéierter Situatioun, dem Vollek d'Méiglechkeet ze ginn, fir en neit Parlament ze wielen an domat eventuell och eng aner Regierungsbildung ze erméiglechen. Si ass zwar formal e Recht vum Staatschef, awer de facto eng demokratesch Garantie fir d'Vollek.

De Groussherzog kann dobäi net méi maachen, ewéi duerch d'Opléise vum Parlament de Pouvoir erëm un d'Vollek zeréckzeginn. Dëst ass vëlleg legitim, an esou Dispositioune gëtt et och an anere Verfassungen, wou de Staatschef d'Parlament opléise kann, z.B. a Frankräich. Déi geplangten, nei Texter gesi vir, datt de Groussherzog nëmmen nach ënner ganz restriktive Konditiounen d'Chamber opléise kann, wat d'Méiglechkeet fir Neiwalen onnéideg aschränkt.

> D'Handlungsfräiheet vum Groussherzog gëtt an där neier Verfassung systematesch ageschränkt.

**De Groussherzog soll och net méi wéi bis elo de Kommandant vun der Arméi sinn**, mee hie soll nëmmen nach den Titel droen, an zwar „ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung". Sou eng Dispositioun gëtt et an anere Monarchien net. Et ass üblech, datt de Monarch och Kommandant vun der Arméi ass. Iwwregens ass och a Republicken de Staatschef gewéinlech formell de Kommandant vun der Arméi.

Fir d'ADR sinn esou Reformen onnéideg. Si gesäit kee Grond fir eng Ännerung bei de Rechter vum Groussherzog.

# E geplangten Ofbau vun eiser Souveränitéit

D'Souveränitéit vun engem Staat ass e ganz wäertvollt Gutt. Eisem Land huet si et erlaabt, a Fräiheet ze existéieren, seng Identitéit ze stäerken a seng Ekonomie ze entwéckelen. Si steet enger sënnvoller, internationaler Zesummenaarbecht och net am Wee.

Déi aktuell Verfassung gesäit dowéinst vir, datt den Exercice vu staatlechen Attributioune kann zäitweileg an duerch e Vertrag un international Organisatiounen ofgetruede ginn. Dat wichtegst Wuert ass hei „zäitweileg" – fir eng gewëssen Zäit also, awer net definitiv. An där geplangter Reform soll dat Wuert „temporairement" elo wechfalen. Dat soll et erméiglechen, **datt eis souverän Rechter an Zukunft kënnen definitiv un eng international Institutioun, besonnesch un d'EU, ofgetruede ginn, ouni och nëmmen eng Prozedur virzegesinn, fir si eventuell kënnen zréckzekréien**. Déi nei Verfassung dréit domat kloer d'Handschrëft vun engem europäesche Federalismus. Si ass esou ugeluecht, datt mir ëmmer méi zu engem Deelstaat vun engem europäesche Federalstaat solle ginn an doduerch ëmmer méi u Souveränitéit verléieren.

Zu deem neie Souveränitéitsverzicht gehéiert och, datt de Groussherzog europäesch Rechtsakter iwwer Reglementer soll applizéieren, fir d'Ëmsetzung vun esou Rechtsakter zu Lëtzebuerg ze erliichteren. Wéi eng Rechtsakter genee dovu betraff sinn, steet net am Text. Och **hei entsteet eng däitlech Ënneruerdnung vu Lëtzebuerg ënnert d'EU an eng Gefor vun engem méigleche Wechloosse vun der Chamber bei der Transpositioun vun europäesche Rechtsakter an eis national Legislatioun**.

Dobäi besteet absolut keng Ursaach, fir eis Verfassung an dës Richtung ze änneren, ganz am Géigendeel. Keen anert europäescht Land geet op dee Wee. D'EU ass an enger déiwer Kris, net eréischt zënter datt d'Vereenegt Kinnekräich de Brexit vollzunn huet. Wéi et mat hir virugeet, kann haut kee Mënsch soen. Eng intelligent

> Déi nei Verfassung dréit d'Handschrëft vun engem europäesche Federalismus.

a laangfristeg ugeluechte Politik géing zu enger gewësser Virsiicht am Hibléck op déi europäesch Integratioun roden an net zu enger definitiver Oftriedung vun eise souveräne Rechter un d'EU.

Fir e klengt Land ass eng wirtschaftlech Oppenheet natierlech eng Noutwennegkeet. Mee et kann ee gläichzäiteg fir e gewëssent Mooss un europäescher ekonomescher Kooperatioun an Integratioun sinn, ouni deen ausufernden a bürokratesche Federalismus ze ënnerstëtzen.




Foto: Roland Houtsch

*Eis Souveränitéit huet eis erlaabt, a Fräiheet ze existéieren, eis Identitéit ze stäerken an eis Ekonomie ze entwéckelen.*

**Déi nei Verfassung wëll och eist Recht opginn, fir eege Suen erauszeginn („le droit de battre monnaie"). Dat ass international net üblech a mol net konform zu där aktueller Wärungsunioun.** Am Euroraum ginn d'Schäiner zwar vun der Europäescher Zentralbank emettéiert, d'Mënzen awer an engem vun der EZB fixéierte Volumen national erausginn. D'Recht vun engem Staat, säin eegent Geld ze hunn, ass bei Wäitem keen Detail, deen ee liichtfankeg aus der Hand gëtt. Den Euro huet ganz sécher vill Virdeeler, mee e kennt och vill Problemer an intern Spannungen. Och hei wär eng gewësse Virsiicht sécher net vu Muttwëll. Mir wëssen net, wéi déi europäesch Wärung sech an Zukunft entwéckelt. D'Griichelandkris ass nach net vergiess, d'Nord-Süd-Spannungen am Euroraum wuessen an eng net vertragskonform gemeinsam Verschëldung féiert zu neien Ongläichgewiichter.

**Fir d'ADR gëllt grondsätzlech weider: „Mir wëlle bleiwe wat mir sinn" – e klenge souveräne Staat an engem Europa vun den Natiounen. D'Verfassung soll eis Souveränitéit garantéieren a si net ofschafen!**

# D'Famill gëtt geschwächt

An där aktueller Verfassung genéisst d'Famill nach e ganz staarke Schutz. Do heescht et: „L'Etat garantit les droits naturels de la personne humaine et de la famille." Dës Formuléierung gëtt an där neier Verfassung duerch déi belanglos Formel „L'Etat veille au (…) respect de la vie familiale" ersat. Doduerch ginn d'Rechter vun der Famill géintiwwer dem Staat däitlech geschwächt. Domat awer net genuch! Déi nei Verfassung bestëmmt och: „L'Etat veille au respect du droit de fonder une famille (…)" a weider: „Il est entendu que ce nouveau libellé plus large couvre toutes les définitions du terme ‚famille'." Esou gëtt de Begrëff „Famill" belibeg interpretéierbar. Gemengt ass, datt jiddereen, och eng Eenzelpersoun, kann eng Famill grënnen an domat e Recht op e Kand kritt – e risegen zivilisatoresche Réckschrëtt! Kee Mënsch huet e Recht op e Kand, well e Kand ass keng Wuer! Hei si wuelverstanen net déi Mammen oder Pappe gemengt, déi duerch d'Liewensëmstänn elengerzéiend sinn. **D'Schutzfunktioun vum Staat fir d'Famill a fir d'Kand gëtt hei perverteiert: De Staat soll elo de facto d'Rechter vum Kand an domat seng Dignitéit aschränken.** Lëtzebuerg geet hei vill méi wäit wéi all déi aner europäesch Staaten.

Déi nei Verfassung bewierkt, datt an Zukunft jiddereen d'Recht kritt, fir e Kand „an Optrag ze ginn". D'GPA (Gestation pour autrui/Leihmutterschaft) gëtt op eng verstoppte Manéier als fundamentaalt Recht an d'Konstitutioun agefouert, och wann déiselwecht Parteien, déi déi nei Verfassung wëllen aféieren, steif a fest de Contraire behaapten. Dat ass eng reng Hypokrisie! Schonn haut sinn dausende Fraen, haaptsächlech an Osteuropa an an ënnerentwéckelte Länner, gezwongen, fir Eenzelpersounen oder Koppelen, déi genuch Geld hunn, Kanner auszedroen a sech da vun hire Kanner ze trennen. **Dat bedeit d'Ausbeutung vu Fraen a Mënschenhandel a schlëmmster Form.** Och d'PMA mat engem frieme Somespender (Procréation médicalement assistée avec tiers donneur) gëtt de facto zu engem Recht fir jiddereen, obschonns och an dëse Fäll d'Kanner drënner leide mussen: Hire biologesche Papp gëtt dacks virsätzlech aus hirem Liewen ausgeschloss. Déi nei Filiatiounsgesetzer weisen hei déi wierklech Intentioune vu Gambia an der CSV.

**Déi nei Verfassung erméiglecht all dës Praktiken a verstéisst domat géint international Obligatioune vun eisem Land a besonnesch géint d'Kannerrechtskonventioun vun der UNO.**

**Ganz schlëmm ass och, datt de Staat elo d'Roll vun den Eltere bei der Erzéiung vun de Kanner iwwerhuele wëll.** Et heescht nämlech an der neier Verfassung: „L'Etat veille à faire bénéficier chaque enfant de la protection, des mesures et des soins nécessaires à son bien-être et son développement." Vun de Rechter vun den Eltere geet net rieds. An anere Verfassungen ass d'Erzéiung d'Recht vun den Elteren. Sou heescht et beispillsweis am Artikel 6 Ofsaz 2 vum däitsche Grondgesetz: „Pflege und Erziehung der Kinder sind das natürliche Recht der Eltern und zuvörderst ihnen obliegende Pflicht." 1949 gouf d'Eltererecht ganz bewosst an déi däitsch Verfassung opgeholl, an zwar als Schutz géintiwwer engem iwwergrëffege Staat, deen, wéi an der Hitler-Diktatur oder an der DDR, versicht, d'Erzéiung ze verstaatlechen. Fir d'ADR gëllt doweinst, datt d'Erzéiung vun de Kanner muss d'Recht vun den Eltere bleiwen!

D'ADR hätt sech och gewënscht, datt d'Recht op d'Liewen explizitt an d'Verfassung opgeholl géif – dat wichtegst Grondrecht iwwerhaapt. D'Recht op Liewe gehéiert zu den „droits naturels de la personne humaine", déi leider och aus där neier Verfassung verschwannen.




*Lëtzebuerg geet hei vill méi wäit wéi all déi aner europäesch Staaten.*

**Wosst Dir schonn, datt**
d'Lëtzebuerger Verfassung zënter 1848, also schonn

**173 Joer**

laang, dem Lëtzebuerger Vollek a Land Stabilitéit ginn huet?

**An där Zäit huet eis Verfassung:**

- zwou Dynastien an néng Groussherzoge gedéngt;
- 37 Regierunge mat 22 Staatsministere gesinn;
- zwee Weltkricher iwwerlieft;
- ongeféier 62 Parteie guidéiert (inkl. deenen aktuelle parlamentareschen an ausserparlamentaresche Parteien).

**An elo soll si, ouni d'Vollek ze froen, ersat ginn!**

# Propaganda amplaz Informatioun

Vill vun eis erënnere sech nach un de Referendum vun 2015. Deemools waren all politesch Parteien (bis op d'ADR an Deeler vun der CSV) fir d'Auslännerwalrecht, wéi och d'Press a vill Organisatiounen aus där sougenannter „Zivilgesellschaft". Appeller fir den „Jo" vu bekannten a méi oder manner wichtege Leit, Kënschtler an (dacks selwer ernannten) Intellektuelle goufe publizéiert. Den Äerzbistum huet seng Sympathie fir den „Jo"

> D'Vollek huet eng neutral an objektiv Informatiounscampagne verdéngt.

gewisen. D'ADR gouf wéinst hirer Positioun fir den „Nee" als populistesch an nationalistesch duergestallt an den „Nee 2015" gouf esouguer dru gehënnert, fir seng Meenung bei verschiddenen Diskussiounsowender virzedroen. D'ASTI (!) sollt d'Leit „objektiv" iwwert de Pro an de Kontra „opklären". A wéi dat bekannte Resultat koum, huet e bekannten LSAP-Politiker an der Chamber tockskäppeg gemengt, d'„Elitt" vum Land wier schliisslech fir den „Jo" gewiescht. Déi aner 80 Prozent woussten domat, datt si net zu där sozialistescher Elitt gehéieren.

Wie gemengt hat, esou eng eesäiteg Propagandacampagne wéi 2015 kéint an dierft et an eisem Land net méi ginn, an d'Politik hätt bäigeléiert, deen huet sech leider geiert. **Déi véier Parteien CSV, DP, LSAP an déi Gréng wëlle jo déi nei Verfassung, entgéint hirem Verspriechen, ouni Referendum duerchsetzen. Si haten dobäi nach net emol un eng Informatiounscampagne geduecht.**




*Amplaz vum versprachene Referendum soll déi nei Verfassung elo duerch en zweete Vott an der Chamber ugeholl ginn.*

D'ADR huet dowéinst d'Initiativ geholl an eng Resolutioun an der Chamber abruecht, déi gefuerdert huet:

„vum Hierscht 2021 un eng breet Informatiounscampagne am Land ze organiséieren, an där all proposéiert Ännerungen un där aktueller Verfassung solle presentéiert ginn;

datt déi Informatiounscampagne ënner anerem soll bestoen aus:

- enger Serie vun Informatiouns- an Diskussiounsowender,
- ëffentlechen Debatten zu eenzelen Artikelen, zu deenen all interesséiert Organisatiounen invitéiert ginn, an deene si op eng gläichberechtegt Manéier hir Propositiounen a Positioune kënnen duerstellen,
- Debatten op Chamber TV, an deene muss kontrovers kënnen diskutéiert ginn, dat heescht, datt ëmmer Leit mat verschiddene Standpunkten invitéiert ginn."

Déi Campagne misst esou organiséiert ginn, datt déi proposéiert Ännerungen op eng neutral an objektiv Manéier duergestallt ginn, an datt zu all Punkt eng kontrovers Diskussioun erméiglecht gëtt, fir et de Leit ze erlaben, sech op enger gudder Informatiounsgrondlag eng eege Meenung zu all Punkt ze bilden.

Dës Resolutioun ass de 14. Juli mat de Stëmme vu Gambia an CSV verworf ginn. Kontrovers Diskussiounen an eng eege Meenungsbildung si bei hinnen anscheinend net erwënscht. Déi véier Parteien, plus d'Piraten, hunn eng Géigepropositioun virgeluecht, déi eng reng eesäiteg Propagandacampagne virgesäit. D'DP-Spriecherin huet bei där Geleeënheet an der Chamber erkläert – ganz vun uewen erof: „D'Leit solle ganz genau wëssen, wat mir mengen, wat gutt wär fir si a fir dat ganzt Land."

Kontrovers diskutéiert gëtt also net! D'Leit ginn och net gefrot – nee, si kréie gesot, „wat fir si gutt ass".

## Wat kënnt elo op eis duer?

Vun deene véier Parteien, plus d'Piraten, ass geplangt:

eng (!) Pressekonferenz, eng (!) Informatiounsreunioun fir de „grand public" (fir déi d'Leit sech och nach mussen aschreiwen), e puer Propagandafilmer a Campagnen an der Press an op de soziale Medien. Op Chamber TV sollen dann och nach e puer „Debatten" organiséiert ginn.

**Am Resumé si mir also nees bal do, wou mir 2015 waren, just datt et déi Kéier mol kee Referendum gëtt, fir datt och näischt ka schifgoen a Gambia an d'CSV hire Wëlle kënnen duerchsetzen.**